



Op eisem Internetsite fannt dir all zousätzlech Informatiounen iwwer d'ACEL. Dir kënnt eis är Froe via Mail oder och Facebook schécken:



www.acel.lu



contact@acel.lu



facebook.com/AcelLuxembourg

87 Route de Thionville, L-2611 Luxembourg



WEE SI MIR IWWERHAAPT?

Mir sinn d'**ACEL** – Association des cercles d'étudiants luxembourgeois.

Mir sinn de Studentevertrieder a representéieren iwwer 40 Studentecerclen an Europa. Mir verrieden eenzel Stied a fachspezifesch Cerclen.

Dëst mécht d'ACEL zum Représentant vu ronn 10.000 Studenten an ass domadder de gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg zanter 1984.



SPUERKEESS

WÉI KONTAKTÉIERT DIR EIS?



D'ACEL
STELLT SECH VIR

MIR REGROUPÉIEREN

Mir brénge lëtzebuergesch Studenten am Ausland zesummen, wéi och zu Lëtzebuerg, a fuedere soumat den Échange zwëschen de Studenten.

Ënnert dem Haaptthema Zesummebréngen ass de Pilier vum Regroupement zoustänneg fir:



STUDENTEBAL. Dat gréissten Event am Joer vun der ACEL, wou d'Cerclen de Studenten op hirem eegene Stand ee Patt zerveieren kënnen.

INTERCERCLE. En Event am In- oder Ausland, wou e Cercle aus enger Stad aner Lëtzebuurger Studenten op säin Event aluet.

TOURNOI DE NOEL. E wichtegt Sportsevenement fir Studenten, wou an 3 Sportarten (Basket, Fussball an Volleyball) déi verschidde Cerclë géinteneen untrieden.

MIR INFORMÉIEREN

Am Kader vun de Studieninformatiounen kennt d'ACEL an deng Schoul a beäntwert dir deng Froen iwwer däi Studium, deng Uni, deng Stad an deng Zukunft.

Um Student fir 1 Dag weise mir dir mat de Lëtzebuurger Studenten op der Plaz deng zukünfteg Uni, däi Campus a féieren dech duerch déi jeeweileg Studiestad.



GUIDE DU FUTUR ETUDIANT (GFE). An eisem GFE fënns du Informatiounen iwwer däi Studium, iwwer 40 Studentestied, deng Uni an alles, wat een als Student brauch. Och d'Kontaktdate vun de Lëtzebuurger Studentekreesser sinn do ze fannen.

GUIDE DU FUTUR DIPLOMÉ (GFD). Bass du geschwë fäerdeg mat dengem Studium? Am GFD fënns du Informatiounen iwwer wéi een eng Aarbecht fënnt, iwwer Virstellungsgesprécher a nach méi, fir däi Start an d'Berufsliewen ze vereinfachen. Eis Guidë kriss du bei der Spuerkeess.

MIR REPRESENTÉIEREN

D'ACEL ass politesch an ideologesch neutral. Dat heescht, datt mir eis onofhängeg vun eenzelne Parteien oder politesche Stréimunge fir d'Wuel vum Student asetzen.

D'ACEL beméit sech d'ganz Joer iwwer, ëm konstruktiv Gesprécher mam Ministère, fir aktuell Themen ze diskutieren, déi de Student betreffen.

Foto: © MESR



Esou hu mir zum Beispill eng Erhéijung vun der **Aide Financière** erreecht, déi 2016 a Kraaft trëtt.

Weider beméien mir eis, fir dass d'Lëtzebuurger Studenten, déi an Däitschland studéieren, **d'GEZ**, a Lëtzebuurger Studenten, déi a Frankräich studéieren, **d'Taxe d'habitation** net méi bezuele müssen.

Du wëlls dech weider iwwert déi Themen informéieren? Op www.acel.lu fënns du all Dossieren a Communiquéen.